

Här Claude WISELER  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„De Weekend konnt een an der Press liesen, dass spëtstens 2028 d’Steierbüroen an de Gemenge Clierf a Wooltz zougemaach solle ginn. Als Grond dofir huet d’Steierverwaltung uginn, dass déi aktuell Raimlechkeeten d’Accessibilitéit an d’Sécherheet net garantéiere kéinten. Fir dëst ze kompenséiere sollen zu Housen an zu Ettelbréck zwee nei Büroen opgoen.

Vill Leit aus dem Nordbezierk sinn erféiert, dass ausgerechent am Kanton Wooltz, deen iwver déi lescht Joren demografesch staark gewuess ass an deen och an Zukunft nach vill nei Awunner unzéie wäert, staatlech Aarbechtsplaze sollen ofgebaut ginn. Déi digital Demarchen, op déi ëmmer méi Leit zeréckgräifen, kënnen ni den direkte Kontakt mat de kompetente Beamte vum Steierbüro ersetzen, wann dësen erfuerdert ass. Bei méi komplexe Steierdossiere respektiv méi ongewinnte Steierfroen, déi trotz méi intensiver Digitaliséierung och an Zukunft bleiwen, wäert dat weider de Fall sinn. Dowéinst muss onbedéngt d’Personal um Niveau vun de Steierbüroen am Éislek opgestockt ginn, och am Kanton Clierf an am Sënn vun der administrativer Dezentraliséierung.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister folgend Froe stellen:

- Ass an de genannte Gemengen no anere passenden Infrastrukture gesicht ginn, déi d’Krittäre vu Sécherheet an Accessibilitéit erfëllen?
- Fënnt de Finanzminister et akzeptabel, wann am ganze Kanton Wooltz iwverhaupt kee Steierbüro méi ass, wuelwëssend, datt eng Annexe nimools e richtege Steierbüro ersetze kann?

- Ass et virgesi fir d'Personal an de Steierbüro vum Norden opzestocken, fir der steigender Demande vun de Biergerinnen a Bierger gerecht ze ginn ?“

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten